



Näidsen, de 15. August 2017

RaRo Summercamp 2017

[Vogese vum 23.-27. August 2017]

Et huet zwar seng Zäit gebraucht bis mer ons Eens waren, mä an enger Woch geet et endlech op de Camp.
Hei fënns du nach eemol ee puer nätzlech Informatiounen.

Info

Eise Camp geet dëst Joer an d'Vogese wou mer a Form vun engem Camp-Volant dee wonnerbaren Naturpark vun de Vogese kenne léieren.

Präis

Bis ewell ass nach kee Präis bekannt. Wéi vill ze bezuelen ass kucke mer nom Camp.

Programm & Zäitplang




23. August 2017 – 02h00

Depart um 02h00 zu Housen
Arrivée géint 06h10 zu Belfort
Depart Zuch 07h00 Belfort-Metzeral



23. – 27. August 2017

Camp-Volant mat 5 Dages-Etappen à +/-22km
(Belfort) – Metzeral – Grand Ballon – Thann – Col des Perches – Giromagny – Belfort



27. August 2017 – 22h00

Depart um 17h00 zu Belfort
Arrivée géint 22h00 zu Housen

Badge

Bis elo hu mer nach kee Badge, mä do kënt sécher nach een no.





Preparatioun fir de Camp

Kuerz virum Camp treffe mer eis nach eemol fir d'Gruppematerial opzedeelen a fir de Ravi kafen ze goen.

RaRo-Camp Prepa: 22. August 2017 - 09h00

- Dokumenter (Fiche Médicale & Kopien) ofginn**

Wichtig Informatiounen zum pa(c)ken vum Rucksak

Hei nach ee puer Punkten déi nätzlech kënnen sinn:

- Well mer net mam Fliger fléien, ginn et dës Kéier keng Aschränkung wat an de Rucksak duerf a wat net (cf. Gas-Kartuschen, ...).
- Vum Gewicht hier ginn et och keng Grenzen, mä perséinlech fannen ech, sollt een sech eng Limitt vu max. 15kg festleeën (heivunner sollen 3kg fir d'Gruppematerial sinn). Bei engem Camp vu 5 Deeg dierft dëst kee Problem sinn
- Eise Camp verleeft iwwer méttelschwéieren Terrain. Däi Rucksak esou wéi deng Schong solle gutt sëtzen an du muss dech wuel spieren.

Kontakt

Während dem Camp sinn ech ënnert der Nummer **691 826 226** ze erreeschen. Well mer op eiser Route wahrscheinlech schlecht bis guer kee Netz wäerten hunn, wier et ugeroden Noriichte per SMS ze iwwermëttelen.

Wat huelen ech mat?

Hei ass mol eng kleng Lëscht mat deene Saachen déi absolut wichtig sinn, an net duerfe vergiess ginn.

- Carte d'identité
- Fiche Médicale (den 22. August 2017 ofginn)
- Kopie Impfkaart (den 22. August 2017 ofginn)
- Kopie Krankeekeskaart (den 22. August 2017 ofginn)
- perséinlech Medikamenter (wanns du der brauchst!)
- Material-Lëscht op der nächster Säit





Material-Lëscht

Hei ass d'Lëscht mam Material wat d'AvEx & CaraPio mat op ee Camp huelen. Sécherlech brauchts de net alles mat ze huelen, respektiv et feelen nach Saachen. Normalerweis, weess du selwer wats de brauchts a wat net. **Giel markéiert** Saachen, kéint een als Gruppermaterial mat huelen.

Allgemenges:

- Grousse Rucksak
- (*Kleng-Rucksak*)
- Schlofsak
- Schlofënnelag

Essen & Drénken:

- Gamelle
- Becher
- Besteck
- Kichenduch
- Bidon (min. 2L)**

Hygiène:

- Wäschtrousse
- Bueddicher
- (*Handdicher*)
- Läppercher
- Zännseef**
- Zännbiischt
- Duschseef
- Kamp/ Biischt
- Sonnecrème**
- Anti-Mustikespray/gel**
- Nuesschnappecher
- Fir d'Meedercher: Binden/Tampon
- Perséinlech Medikamenter
- Toilette-Pabeier
- Rei in der Tube/Wäschmëttel**
- Kleng perséinlech 1. Hëllefes Trousse
(*gréisser Trousse ass am Gruppermaterial*)

Kleeder:

- Uniform & Foulard!!!**
- Laang Boxen
- Pullover
- Kuerz Boxen
- T-Shirten
- Strémp & Ënnerwäsch
- Schwammsaache
- Biergschong
- (*normal-Schong*)
- (*Waasserschong/Sandalen*)
- Reejacket/Poncho
- décke Pullover oder eng Jackett
- Pyjama
- déck Strémp (-> fir an Biergschong)
- Sonnenkaap/Hut



Divers & Sécherheet:

- Sonnebrëll
- Täschemesser
- Kompass**
- Täscheluucht/Kappluucht
- Batterien
- Block & Bic
- Porte-Monnie
- Täschegeld

Gruppermaterial:

- Gëtt den 22.08 opgedeelt

Wichtiges

- Op der Säit 2





Tipps (Auszuuch aus dem AvEx-Camp Bréif fir d'Gedanken op ze frëschen):

- Wanns de amplaz vun dengem ganze Kleederschaf eng Tube "Rei in der Tube" mat hëls, kanns de ab un zu deng gebrauchte Kleeder um Camp wäschen, a spuers soumat vill Gewiicht a Plaz an dengem Rucksak.
- Pack däi Rucksak esou dass de déi Saachen déis de méi oft brauchts: Pyjama, Wäschtrousse, ... liicht ze erreeche sinn. Sou brauchts du däi Rucksak net am Zelt ëm ze tippen an du erspuers der soumat vill Wull am Zelt.
- Beim Paake muss de awer oppassen, dass schwéier Saachen an der Mëtt vun dengem Rucksak leien, op kee Fall leien dës ganz uewen oder ënnen. Wanns de heirobber oppasst stabiliséiers du däi Rucksak un dengem Kierper.
- Am beschten hänkt näischt um Rucksak. Ausnahmsweis kann awer Schlofsak a Schlofënnelag baussen um Rucksak **gutt** fixéiert ginn. Hei muss de wierklech oppassen, dass de Schlofsak/Schloffmatt och am Extrem-Fall net lass geet.
- Vergewässer dech, dass de gutt déck Strëmp (zB. Trekkingstrëmp) agepaakt hues. Dës kënnen der den Hike ee gutt Stéck méi einfach maachen. Och wanns du super Wanderschong hues, déngen déi näischt wanns de Blosen un de Féiss hues. Gutt Wanderstrëmp sinn esou gebaut, dass se däi Fous op verschidden Aart a Weise viru Blöse schützen.
- ...

Nach Froen?

Wa nach Froe sinn, sief dat iwwert allgemeng Saache vum Camp, oder iwwert d'Material dat muss matgeholl ginn. Zéckt net mech ze kontaktéieren.

Telefon um Camp fir WICHTEG Saachen



Responsablen Chef um Camp

00352 691 826 226 [Cédric MALEK]

Mat beschte Guiden- a Scoutsgréiss,
däi Clan-Chef

Cédric Malek

